N°2894
Entrée le 09.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro n° 2894 vum 18. September 2025 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen**

1° **Kann den Här Sportminister eis matdeelen, wéi d'Tendenz fir d'Joer 2025 ausgesäit?**

Bis zum Stéchdatum vum 30.09.2025 sinn 415 Demanden erakomm. 2024 waren et der 401.

No der Reform vum "Subside Qualité+" wäert ech regional Informatiounsversammlungen organiséieren.

2° **Wéi vill auslännesch Veräiner, déi bei engem Lëtzebuerger Sportverband affiliéiert sinn, hunn déi Subsiden ugefrot.**

Den informateschen System erlaabt et net des Donnéeën ze erhiewen.

**Lëtzebuerg, den 09.10.2025**

De Sportsminister
(s.) Georges Mischo